piraten.lu

N°2963
Entrée le 30.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 01.10.2025
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/09/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Aussenugeleeënheeten weiderzeleeden.**

De Konflikt tëschent Israel an Gaza huet vill Leed fir déi zivil Bevëlkerung mat sech bruecht an dëst souwuel op israeelescher Säitesou wéi op der Säit vun de Palästinenser. Vill Mënsche sinn aus der Regioun geflücht: Palästinenser an och Israeeli.

Israeler:innen oder Mënsche mat jiddeschem Glawen, déi an europäesch Stied ausgewandert sinn, beriichten awer, dass si sech hei net sécher spieren. De Konflikt a Gaza ass nämlech och hei héich politiséiert a polariséiert d'Gesellschaft.

Op rezente Manifestatioune ware Leit mat Plakater ënnerwee, op deene Messagen ze liese waren, déi dem israeelesche Staat säin Existenzrecht oferkennen. Och an de soziale Medie maache verschidde Leit Kommentarer, déi a Richtung Antisemitismus ginn.

A menger Fro n°2571 sinn ech op d'Sécherheet vun der jiddescher Communautéit souwéi den israeelesche Staatsbierger zu Lëtzebuerg agaangen. Den Nationalen Aktiounsplang géint den Antisemitismus (PANAS) soll dofir suergen, dass den Haass géint d'jiddesch Communautéit an Israel gestoppt gëtt. Et dierf net sinn, dass Mënschen opgrond vun hirer Hierkonft oder Glawen diskriminéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi bewäert d'Regierung Plakater op Manifestatiounen, op deene Protestanten dem israeelesche Staat säin Existenzrecht ofstreiden?
2. Wéi bewäert de Comité interministériel pour le suivi du plan d'action national de lutte contre

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

l’antisémitisme (PANAS) déi aktuell Situatioun ëm den Antisemitismus?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten